PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Héichschoul a Fuerschung & Wirtschaft weiderzeleeden.

Am Hibléck ob d' "Konzept der Wissensgesellschaft" déi ob "Exzellenz und internationale Sichtbarkeit abzielt" gouf am Koalitiounsvertrag vun 2018 beschloss, dass d'Bruttoinlandsausgaben am Beräich Fuerschung an Innovatioun bis Ënn 2023 bei 0.8% vum PIB léie sollen. Laut OECD ("Gross Domestic Spending on R&D OECD Data") läit Lëtzebuerg am Joer 2019 bei 1.133%. Am Joer 2004 hunn Bruttoinlandsausgaben an Fuerschung a Innovatioun 1.603% vum PIB ausgemaach. Niewent engem laangjäregen Negativtrend läit Lëtzebuerg mat 1.113% däitlech ënnert dem OECD an EU Duerchschnëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Schätzen d'Ministeren déi ënnerduerchschnëttlech Positiounen am OECD an EU-Verglach als zefriddestellend an?

2. Wann d'Bruttoinlandsausgaben fir Fuerschung an Innovatioun am Joer 2019 1.113% vum PIB ausgemaach hunn, wéi vill Prozent vum PIB maachen dës Ausgaben am Joer 2021 aus?

3. Wisou gouf sech am Koalitiounsvertrag dofir entscheet, d'Bruttoinlandsausgaben fir Fuerschung an Innovatioun bei 0.8% vum PIB unzesetzen?

4. Gouf beim Festsetze vun de Bruttoinlandsausgaben a Fuerschung an Innovatioun bei 0.8% vum PIB den nämmlechte Calcul benotzt wei bei der OECD-Statistik déi d'Ausgabe fir 2019 bei 1.113% beziffert? Falls jo, wier dann dovunner auszegoen, dass et am Zäitraum vun 2019 bis 2023 zu enger Baisse vun 0.3 Prozentpunkte kënnt?

5. Wier et net fir d' "Konzept der Wissensgesellschaft", déi "Exzellenz" an "internationale Sichtbarkeit" als Finalitéit huet méi ubruecht, bei dësen Investissementer laangfristeg Erhéijung un ze viséieren, onofhängeg vun der Evolutioun vum PIB?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député